ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4423**
Reçue le 07.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

> Den Här Minister huet viru Kuerzem op Twitter geschriwwen: „Mäi Message un iech Jonk ass: Gitt op d'Strooss freides, a vu méindes bis freides brauche mer iech awer och an den Handwierksbetriber, fir Solaranlagen ze montéieren, elektresch Bornen opzeriichten, fir Elektroautoen. Fir Fassaden ze isoléieren."
>
> An deem Zesummenhank hunn ech folgend Fro un den Här Minister:
>
> > Wéi ass dem Här Minister säin Opruff, déi Jonk sollte freides op d'Strooss goen a vu méindes bis freides op de Baustellen hëllefen, mat der allgemenger Schoulpflicht hei zu Lëtzebuerg vereinbar? Wier et net besser, d'Schüler géifen op hirem schoulfräie Samschdeg op d'Stroosse goen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d 'parlamentaresch Fro Nr. 4423 vun dem honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Den honorabelen Här Deputéierte verweist a senger Äntwert op eng Twitter-Noriicht, vun där ech net den Auteur sinn. Well den Déngscht um Bierger, deen Dir als Deputéierte vertrëtt, eis awer um Häerz läit, hu meng Servicer sech d'Méi gemaach, fir ze recherchéieren, wien den honorabelen Deputéierte mat senger Fro viséiert hat, an erausfonnt, datt wuel eng Twitter-Noriicht vum Här Energieminister gemengt war.

Den honorabelen Här Deputéierten huet ouni Zweiwel Verständnis dofir, datt ech mer net umoossen, de Message vum Här Energieminister ze interpretéieren.

Ofschléissend wëll ech festhalen, dass d'Obligatioun fir an d'Schoul ze goen an d'Ausübe vu gesellschaftleche Rechter, wéi d'Demonstratiounsrecht, net per se inkompatibel sinn. An engems ass et awer och esou, datt d'Demonstratiounsrecht d'Schoulflicht net automatesch dierf a kann aushillegen.